

Diddeléng a schwéieren Zeit

Prinzipal Okkupatiouns II (Streik 2)

Den 30ten August 1942 huet de Fonderier Gustav Simon d'Wierpflicht fir d'Jongen déi vun 1920 bis 1924 gebuer waren. Et misst ob d'Leuten vun dësem Naziverbriecher gezwängt kommen wëlle mir erwaarten wéi d'Leitwenger ob dësen Verbriecher réagéieren. An ouser direkter Sendung hu mir ogéif wéi d'Reaktiounen am Land vum Land waren, zu Holz - Eitelbréck an Diekirch.

Haut kucken mir wéi et am Land war a baséieren op ob dem Fernand Lorange seng Berichter publizéieren am Buch "Wéi wann et eréischt haut geschitt wier."

Zu Diddeléng

Aus der Schmelz gi kéng direkt a spektakulär Streikaktioun gemellt. Alles as „ënner der Hand“ verlaf. „Sit-ins“ gouf et bei engem Deel vun der Fonderie-Belegschaft. D'Aarbechter souzen oder stonge méisseg dorëmmer an hun iwwer d'Situatioun am Land geschwat. Besonnesch eeler Joergäng, di scho wehrpflichteg Jongen haten, hun iwwer eng gemeinsam „ligne de conduite“ géintwärt der Gauleiter-Proklamatioun diskutéiert. Dat gläicht Bild an der elektrescher Zentral, dem Häerzstück vum Betrieb. Di preisesch „Obmänner“ stoungen dorëmmer an hun d'Käpp zesumme gestreckt, awer näischt ënnerholl. Belegschafts-Memberen aus anere Servicen hun ëmmer nees an d'elektresch Zentral eragekuckt. Do sin d'Machine gefaf. De preiseschen Ingenieur huet sech wéineg gewisen.

Den 31ten an och den 1. September
Zwischenhand iwwer d'Land hie ver-
hänge gin. Den Protest gin an de
Schweizer d'VDB Mitgliedschaften
reparéiert an de Courat's firm
an dem Sekretariat och se
zweck an d'Landesleitung

An den Diddelénger Klengbetrieber, bei den Handwierker, Geschäftsleit, de Mineuren an de Metallurgisten hat d'Paroul „Schéckt d'VdB-Kaarten zeréck“ e massiven Erfolg. D'Appeller fir Streik a Protestmanifestatiounen si mat dem Tram duerch de ganze Minett vun Diddeléng iwwer Esch bis Rodange weidergeleet gin.

Ob Alfred Schöffling
an de Meindis Muerger
wéi zu Diddeléng, hien
huet an de Berichter Locht
fir effes ze schaffen.
Auer um 2. Duer

17.00 Auer: An der Walzendréierei wëllt d'Mëtteschicht d'Aarbecht nët méi ophuelen. Et gët viirleefeg nach ofge-
wart. An de Pause gi Kontakter tëschent den Aarbechter op de Walz-
stroossen, an der Walzendréierei an am
Maschinnebetrieb opgeholl.

17 Auer: An der Walzendréierei geet
ënner der Hand d'Informatioun duerch,
um 6 Auer gif de „Bier“ gezunn.

17.55 Auer: E preiseschen „Obmann“
kënn an d'Direktiounssekretariat a seet,
am Wierk wir alles roueg.

18.02 Auer: Op der Schmelz Esch-
Schöffling hault de „Bier“ a gët den
Aarbechter d'Signal, fir d'Aarbecht nid-
derzeleën. – Niewt der Verdeelerbün,
um Grëff vum Zugseel, dat d'Damp-
Sireen iwwer dem Haalendach bedéngt
huet, hung en 3 Kilo schwéieren „Take-
schlüssel“. De „Bier“ huet gejaut an
d'Leit heemgeschéckt. D'Employee vum
de Büroën an d'technesch Beamten hun
hir Aarbecht zur normaler Zäit verlooss.
Hinne follechen 2000 Aarbechter vun
der Mëtteschicht.

18.30 Auer: Den Escher Kreisleiter be-
uerdert den Direkter vun Esch-
Schöffling bei d'Portal „Quartier“. Den
Direkter leent of. De Kreisleiter kënn
perséinlech an d'Direktiounsgebai, mat
him eng Eskort vun Nazi-Bonzen a Ge-
stapo-Männer. D'Sprooch vum Kreislei-
ter as däitlech:

„Wenn Sie nicht fertig-
bringen, daß die Arbeit morgen früh
geschlossen aufgenommen wird, wer-
den Sie morgen alle erschossen und mit
Ihnen jeder zehnte Mann der Gefolgs-
schaft.“ – De Wierksdirekter huet säi
Büro nët verloossen dierfen. D'Chefs de
service hu versicht, d'Aarbechter nees
an de Betrieb ze kréien.

22 Auer: De Kreisleiter as erëm am
Direktiounsgebai, mat him ca. 30 heich-
gestallt Nazi-Funktionären (ë. a. den SS-
Chef vun der Gestapo „Gau Moselland“,
de „Führer des Einsatzkommandos“,
deen zum Viirsätzende vum Standge-
richt bestëmmt war, weider den Escher
Gestapo-Chef, den Escher Landrat an
de preiseschen Escher Buerger-
meeschter). Uniforméiert Naziën
duerchsichen d'Kartei.

Féinschdegen den 1. September
Muetz um 1/2 1.

18.00 Auer: De Betriebsdirekter dierf
heemgoen.

4 Auer: Den Direkter gët telephonesch
vun der Gestapo opgeuerdert, an
d'Wierk zeréckzekommen. Aus dem
„Obmannsbüro“ war d'Belegschaftskar-
tei an d'Direktiounssekretariat bruecht
gin, fir Aarbechter erauszesechen, déi
erschoss sollte gin (all zéngte Mann).
Lëschten iwwer déi Leit, déi op der
Mëtteschicht geschafft haten, goufe
vun de Chefs de service gefrot.

Wéi et Dag gin as: Déi eischt Nazi-
Plakate mat der „Verordnung über die
Verhängung des zivilen Ausnahmezu-
standes vom 31. August 1942“ hänken
aus. Iwwer de „Bereich der Stadt Esch“
war den „zivilen Ausnahmezustand“
verhaangen an e „Standgericht“ agesat
gin.

Um 5 Auer: Déi meescht Aarbechter sin nees op hirer Schaff an der Schmelz. D'Produktioun kann erëm opgeholl gin.

8 Auer: De Kreisleiter as mat zwee sénger enker Mataarbechter am Direktiounsbüro fir ze kontrolléieren, op d'Poste besat wäeren. De Betriebsdirekter feelt. E kënn um 9.20 Auer a gët vum Kreisleiter wéint sénger Onpénktlechkeet haard ugefuer.

9.30 Auer: D'Direktiounssekretärin muss „op Éier a Gewëssen“ deklaréieren, datt jidder Employé a séngem Büro as. Dräi feelen. Awer dovun seet d'Sekretärin natierlech näischt.

10 Auer: Dem preisesche Gauleiter säi Stellvertreider, e ganz héicht Nazi-Déier also, as am Zentralbüro. – E Grupp vun zéng Aarbechter war no 9 Auer vum „Werkschutz“ beim Portal ofgefaange gin. Si goufen dem Kreisleiter viirgefouert a verhéiert an dun op hir Aarbeitsplaze geschéckt.

11.30 Auer: De Kreisleiter wollt eng Ried virun den Aarbechter halen. De Gaulei-

terstellvertreider seet: „Hier gibt's nichts zu reden. Wer nicht arbeitet, wird erschossen!“

Zu Esch, am *méindeg Kiermetten*:

Eng grouss Zuel vun de Geschäfte as zou bliwen. An déi, di d'Lueden erop gedréit haten, hu se gläich, nodem d'Streikparoul sech an der Uertschaft verbreet hat, nees erof gelooss. – A verschidde Klengbetrieber gouf lues getrueden oder guer nët geschafft. Am Escher Jonge-Lycée hun d'Studente protestéiert a wollt sech nët méi an d'Schouluerdnung halen. D'Professeren an d'Elève hun den „Hitler-Gruß“ refuséiert. An der Klass vum preiseschen Nazi-Direkter sin d'Jongen nët opgestanen, wi en erakom as.

Zu Déifferdeng an der Schmelz

Luet es bis Mëttwoch den 2te September gedauert bis de Streik richteg zum Ausbruch kam

D'Mueresschicht as am Blechwalzwierk nët ugetratt. De Betrieb konnt nët fueren. An der Wierkstat hun d'Aarbechter nët geschafft. D'Belegschaft war opgereegt. D'preisesch Direktioun huet schwéier Massregelen ugekënnegt. D'Betriebs-Chefen hu versicht, duerch Aarbechter a Lafjongen d'Grévisten, di doheim bliwwe waren, opzefuerderen, d'Schaff gläich erëm opzehuelen. Vun der Angscht gedriwwen as e „Betriebs-Obmann“ perséinlech eng ganz Partie Aarbeitsverweigerer an hir Wunnéngesiche gaangen a sot hinnen, wa se nët kënnen, giffe se erschoss.

Géint 8 Auer: Nach ëmmer „Sätz-Streik“ an der Wierkstat. Zwou Stonne laang. Ca. 50 Aarbechter hu bis 10 Auer nët geschafft. Am Stolwierk as de Betrieb weidergelaf.

Géint 13 Auer: D'Blockstrooss as erëm ugefuer. Mee et huet nach bis deen aneren Dag gedauert, ir de Betrieb an der Déifferdenger Schmelz nees normal gelaf as. De preisesche Schmelzdirektor gët d'Gesamtzuel vun de Gréviste mat 156 un.

15 Auer: 3 Aarbechter goufe verhaft. (En aneren owes um 10 Auer). Di 4 koume virun d'Standgeriicht. Nach an der Nuet op den 3. September goufe se zum Doud veruerteelt an um 4.30 Auer mueres zu Hinzert erschoss *Et waren*

*Weets Refon - Schneider Jean
Toursaint Ernest - Betz Mick*

– 2 aner Déifferdenger Schmelz-aarbechter goufen de 4. September mueres um 6 Auer erschoss *Et waren*

*Misch Robert am Angelsberg
Reni.*

*Esoweit d'Reaktionnen am
Minett eraus gepufft erunt
nach aneren*

Musick

Wei war et an der Haapt?

An der Haaptpost zu Lëtzebuerg: *Et* geet mat der Aarbecht nët virun. D'Personal steet a Gruppen dorëmmer an diskutéiert di läscht Noriichten aus dem Land (vu Wolz). De preisesche Beamten gin d'Lëtzebuurger Postiers aus dem Wee.

Nomëttes

Et geet nach ëmmer nët viru mat der Aarbecht. D'Personal diskutéiert d'Informatiounen iwwer de Streik zu Wolz an zu Ettelbréck. Ëmmer méi Beamte si bereet, sech der Protestaktioun unzeschleissen.

Géinselken 1te September

8 Auer mueres: D'Beamte loossen d'Postsäck leien, stin zesummen an diskutéieren.

9 Auer: D'VdB-Mitglieds- oder Anwärterkaarte gin agesammelt an zeréckgeschéckt. Verschidde Postiers haten hir Kaart an der Mëtt zerrappt. Alles gët an d'Postfach vun der VdB geluegt.

9.30 Auer: D'VdB-Kaarten aus dem Postfach gi vun e puer patrioteschen Employeën an Enveloppe gestach, fir eenzel returnéiert ze gin.

10 Auer: D'DAF (Deutsche Arbeitsfront) huet Telegramme verschéckt „an alle Arbeiter und Beamte, die ihrer Arbeit

*ferngeblieben sind“ mah der
Opforderung*

direkt op hir Aarbeitsplazen zeréckzekommen, „andernfalls sie mit schweren Strafen zu rechnen hätten, sogar mit der Todesstrafe“. Dës Telegramme gin op d'Sait geluegt. Kee wëllt se fir d'Verdeelong faerdeg machen.

13.45 Auer: D'Bréifdréier kommen zeréck fir den Nomëttes-Tour. – Fliegeralarm! D'Personal geet an de Luftschtutzkeller. No dem Alarm ríft e jonke „Postfacharbeiter“: Ophale mat Schaffen! – Den Appell gouf befollegt.

14.15 Auer: De preisesche „Postamtmann“ vun der Nazi-Verwaltung kënn aus séngem Büro. No kuerzer Inspektioun a Gespräch mat dem Lëtzebuurger Chef verschwënnt en erëm. D'Personal versammelt sech am Rez-de-Chaussée.

14.25 Auer: E jonke Lëtzebuurger „Postinspektor“ a fréiere Scout-Chef steet virun de Versammelten. E liest den Text vir, an deem den Hitler an d'däitsch Räich versécheren, d'Neutralitéit vu Lëtzebuerg a jiddem Fall ze respektéieren. Di preisesch Viirgesetzte gin Uerder un d'Beamten, sofort op hir Posten zeréckzagoen. – Lo as och de preisesche „Postamtmann“ erëm do. E versicht vergiewens, d'Personal un d'Aarbecht ze kréien. Dee jonke Post-Commis liest dem Preis den Text vum Memorandum vir, an deem d'Reichsregierung dem Grand-Duch territorial Integritéit an Onofhängegkeet garantéiert. De „Postamtmann“ verschwënd, an zur Monterey-Avenue hi gin d'Rolluede vum Gebai erofgelooss. D'Haaptpost as ofgespaart.

14.45 Auer: De gréissten Deel vun de Bréifdréier an d'Personal vum Innendéngscht huet d'Post verlooss.

15.05 Auer: Zwee SS-Leit sin am Gebai. Dee jonke Post-Commis gët verhaft.

15.20 Auer: D'Rolluede gin héichgezun. D'Personal kënn vun der Strooss an d'Gebai zeréck. SD-Männer stelle sech beim Haaptgank op.

*Am 16 Auer: 4e stellvertreideren
d'2 ass*

am Gebai an iwwerpréift d'Situatioun. Si schéngt him nët alarméierend ze sin.

16.30 Auer: Verschidde Büroen um 2. Stack mussen geraumt gin. D'Gestapo brauch se fir d'Verhéier. Et dauert fir verschidde Postiers bis zwou Auer nuets.

21.30 Auer: Um Korridor vum 2. Stack sti Postbeamten mat dem Gesicht zur Mauer.

Géint 1 Auer an der Nuet: En 28jährege PTT-Employé, deen d'Preisen als ee vun de „Rädelsführer“ ugesin an „des aufrührerischen Streiks“ bezichtigt hun, gouf fortgefuert (Higericht de 4. September zu Hinzert; *Et war de*

Schroeder Jean

– Dee kurajelierte Post-Commis, deen de preisesche „Memorandum“ virgelies hat, gouf schon deen aneren Dag zum Doud verurteilt an den 3. September um 4.30 Auer zu Hinzert erschoss (*af*

Et war de Klaus Nic.

Mittwoch den 2te September

De Betrieb schéngt normal ze lafen. D'Gestapo as am Haus. Den SD sicht Zeien. Si gin an d'Villa Pauly gefouert a verhéiert. Den SD wëllt wëssen: Wien huet d'Rollueden erfogelooss? Wien huet d'Dire gespaart?

Auer: Di dagsiwwer verhafte Postiers gin an de Gronn transportéiert. De 7. September gët d'Uerteel vum Standgericht géint 9 jugendlech Postbeamten („Volksschädlinge, die ausgemerzt werden müssen“) gesprach. Wéint dem jugendlechen Alter vun de Beschëllegten gesäit d'Gericht awer vun der Doudesstrof of a si sin der Gestapo iwwerstallt gin. Si gouwen ze soen all an d'Hitlerjugend-Erziehungslager Ruwer ageliwwert. ~~Op der Lëscht vun de Pri-~~

*Auer och aus Studenten an
Studentinnen waze muss
auf nun Streik bedestegt
fops och bei verschide Bei-
jeller.*

*Méindeg virmettes zu
Teckermach*

D'Studenten aus dem lechternacher Kolléisch decidéieren, den aneren Dag aus Protest nët an d'Schoul ze goen.

8 Auer mueres: Schoulufank! D'Studenten dréien ëm a gin duerch den Haff op de Park laanscht d'Sauer lass. D'preisesch „Studienräte“ dreiwen d'Schüler aus denen zwou ënneschte Klassen, déi och fortlafe wollten, zeréck. Ca. 100 Stodente gélangt et, sech ofzesetzen. Si gin duerch d'„Wollefsschlucht“ op Berdréf zou. – Halt an de Fiels-Caverne vun der „Hohlay“! Zu lechternach as d'Gestapo am Gaang, no deene jonke Grévisten ze sichen. D'Studente sin elo an enger Scheier zu Heeschbich. D'gouf beschloss, sech ze separéieren an a klenge Gruppen iwwer verschide Wenen op lechternach zeréckzegoen. – D'preisesch Police huet Juegd op

d'Ausräisser gemat. Si goufen am grouse Sall vum Pensionat zesummedriwwen. Gläich derno sin d'Studente vun de Joergäng 1920-24 op de Camion gelueden a vu fënnef Polizisten an d'Villa Pauly op Lëtzebuerg bruet gin. Duerno Prisong am Gronn an zu gudder läscht Transfert an d'Stroflager vun der Hitlerjugend Burg Stahleck (fir 101 Deg). E Mathematiks-Professor war a séngem Gaart verhaft gin (erschoss de 5. September zu Hinzert; cf. hellrout Plakat©). *Schmit Alfons*

Déinschdeg den 1. September

Am Escher Jonge-Lycée

8 Auer: Déi meesch Elève sin nët an hir Schouklasse gaangen. D'Professere sin do, weigere sech awer, den „Hitler-Gruß“ ze maachen. De Kreisleiter verlaangt bis nomëttes eng Lëscht vun alle Schüler, déi nët an d'Klasse kumm sin. D'Police an de Secherheetsdéngscht sin alertéiert. D'Studente gin an de Festsaal vun der Schoul gedriwwen. Ge-

räischvoll Protestmanifestatiounen! Reunion am Kreisleiter-Büro! D'Schouldirektore vum Jongen- a vum Mederchers-Lycée sin do, en HJ-Oberbannführer an den Escher Buergermeeschter. D'Lyceën am ganze Land sollten elo definitiv vun allen däitschfeindlechen Elementer debarrasséiert gin. Viirleefeg Aweisong an eng HJ-Winnschoul.

11.30 Auer: Eng Grupp Professeren, déi refuséiert haten, d'Nazi-Zeechen ze droen, gouf der Gestapo iwwerwisen. Um Hallefnuet, Départ an de Gronn.

Am Escher Mederchers-Lycée

9.30 Auer: Ca. 60 Schülerinnen aus den „Oberklassen“ verloossen d'Schoulgebai. Den Direkter léisst d'Paarte spären. Eng Zuel Stodentinne klëmmt aus de Fenstere vum Rez-de-Chaussée an den Haff. Den Direkter gët d'Nimm vun de streikende Schülerinnen un d'Gestapo weider.

Spéit owes: D'Schülerinne kréien e Schreiwes zougestallt, an deem si opgefuerdert gin, sech den anere Mueren an der Escher Gestapo-Zentral anzeffannen.

Zu Walfer an der Léierinnen-Normalschoul (LBA)

D'Studentinnen hu refuséiert, den „Hitler-Gruß“ ze maachen a gin aus der Schoul verwisen. Duerno Oftransport an e Lager zu Marienthal (Eifel). Di jonk Medercher fueren iwwer Adenau, wou d'Grévistinnen aus dem Escher Lycée ënnerbruecht sin. Eng Partie vun den Normalschülerinne gët schon am Oktober 1942 an de weiblechen RAD *agegen.*

Zum Ofschloss sief drun erënnert, datt et owes no der Publikatioun vum Wehrpflicht-Dekret am Lëtzebuenger RAD-Lager Schraasseg, wou eng gréisser Grupp Lëtzebuenger Jongen am Zwangsarbeitssasaz stoung, zu Insubordinatione kouw. D'RAD-Ledong huet gedroht, d'Lager duerch Wehrmachtstruppe besetzen ze loossen. Em diselwegt Zäit hun och Lëtzebuenger RAD-Jongen am Lager Betebuerg manifestéiert. – Souguer déi Säit der preisescher Grenz, am RAD-Lager Saarb, si Lëtzebuenger RAD-Jongen nët zum Déngscht ugetrueden. Di „renitent“ Lëtzebuenger sin op de Stufe bliwen. D'Lagerledong war drop an drun, d'Lëtzebuenger an en SS-Sonderstroflager oftransportéieren ze loossen. – *Wei-*

Erweist aus d' Emissionen

iwere d'Reaktion vum de

Lefuegen iwere dem Dekret

d' Wehrpflicht bei eis angefeieren